

Spillen a
Léieren am
éischte Cycle
an Zäite vu
COVID-19
Vademecum

Ministère fir Bildung, Kanner a
Jugend



LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Éducation nationale,
de l'Enfance et de la Jeunesse

Lëtzebuerg, den 13. Mee 2020

Spillen a Léieren am éischte Cycle an Zäite vu COVID-19

Vademecum fir d'Léierpersonal an d'edukatiivt Personal aus dem éischte Cycle vun der Grondschoul

De 16. Abrëll an de 5. Mee 2020 huet de Minister Claude Meisch d'Strategie fir d'Reprise vum Unterrecht an der Grondschoul, an dem Secondaire grad ewéi d'Modalitéite fir d'Prise en charge an de Betreungsstrukture fir Kanner an de graffen Zich presentéiert. Hei huet hien och spezifesch Recommandatioune fir d'Léierpersonal an d'edukatiivt Personal aus dem éischte Cycle annoncéiert. Dëst aus guddem Grond: Et ass noutwenneg, déi allgemeng Mesurë fir d'Protektioun vun der Gesondheet vun deene verschiddenen Akteuren am Schoulwiesen un d'Bedierfnesser vu jonke Kanner unzepassen.

Dës Handreechnung riicht sech deemno an éischer Linn un Iech, léif Enseignanteën an Enseignanten, léif Educatricen an Educateuren, déi Dir Dag fir Dag mat dräi- bis sechsjärege Kanner an Äre Klassen zesumme sidd. Si baut op de sanitäre Recommandatioune vun der Direktioun vun de Santé an op de generelle Recommandatioune vum Educatiounsministère op. D'Handreechnung ergänzt dës Texter, andeems si versicht ze weisen, wéi d'Ännerungen an d'Restriktiounen, déi duerch d'Anhale vun de Protektiounsmesuren noutwenneg sinn, konkret kënnen ugaange ginn. Pädagogesch Iwwerleeungen, vun deenen der vill mat Sécherheet net nei fir Iech sinn a sech mat Ären Iddien a Gedankegäng decken, bannen d'Ëmsetzung vun de Mesuren un d'Bedierfnesser vu jonke Kanner a versichen dës esou fir si „begräifbar“ a liefbar ze maachen.

D'Handreechnung ass als Hëllef an Ënnerstëtzung geduecht, net nëmmen an der Zäit virum 25. Mee, mee och a virum allem nom 25. Mee, wann d'Liewen an d'Schoulen zeréckkënnnt.

Iwwerbléck

1. *Wou sinn déi aner?*

- 1.1. „Léiergruppen“ an „Übungsgruppen“
- 1.2. Vulnerabel Kanner

2. *An eiser Schoul ass viles nei an anescht*

- 2.1. De Kllassesall
- 2.2. D'Notzung vu gemeinsame Raimlechkeeten (Kichen, Gank asw.)
- 2.3. D'Spillsaachen
- 2.4. Material fir ze molen an ze bastelen
- 2.5. Iessen an Drénken
- 2.6. De Schoulhaff
- 2.7. De Bësch

3. *Mir passen een op deen aneren op!*

- 3.1. Den Ëmgang mateneen
- 3.2. Arrivée an Depart vun de Kanner
- 3.3. D'Hänn wäschen
- 3.4. De Gang op d'Toilette an d'Wäsche vun den Zänn
- 3.5. Houschten a sech schnäizen
- 3.6. Den Ëmgang mam Mondschutz
- 3.7. Wéi kann ech mech selwer virum Virus schützen?

1. Wou sinn déi aner?

1.1. „Léiergruppen“ an „Übungsgruppen“

Jiddwer Klass, déi méi wéi 10 Kanner huet, gëtt an zwou Gruppen ënnerdeelt; d'Zesummstellung vu béide Gruppe bleift ëmmer d'selwecht. Esou gëtt et méiglech, fir d'Zuel vun de Kanner, déi beieneen an engem Raum sinn, méiglechst kleng an domat de Risiko, fir sech unzestiechen, méiglechst niddreg ze halen. D'Kanner aus béide Gruppe sinn eng Woch iwwert déi aner¹ an der Schoul (an der Léiergrupp). Wa si net an der Schoul sinn, gi si entweeder doheem oder an der Maison Relais betreit (an der Übungsgrupp).

Wann d'Kanner den éischten Dag zeréck an d'Schoul kommen, sinn deemno nëmmen déi vun hire Frënn do, déi mat hinnen zesummen an der Léiergrupp sinn. De Rescht vun der Klass ass op enger anerer Plaz. Fir vill vun hinne wäert et schwéier ze verstoen an ze verschaffe sinn, datt si deen een oder anere vun hire Frënn och no sou laanger Zäit nach ëmmer net erëmgesinn.

Hei sinn nëmmen e puer Aktivitéiten, déi de Kanner Hëllef kënnen, déi aktuell Situatioun besser ze verstoen an d'Trennung besser ze verschaffen.

- D'Kanner kënnen schonn an der Woch virum Schoulufank op déi nei Situatioun virbereet ginn, mat Hëllef vu Fotoen, kleng Videoen oder an der virtueller Videokonferenz:
 - Wéi gesäit meng Joffer/mäi Schoulmeeschter/meng Educatrice/mäin Educateur mat Mask aus?
 - Wéi gesäit déi nei Joffer/deen neie Schoulmeeschter aus? Wéi heescht si/hien?
 - Wéi eng Kanner si bei mir am Grupp?
 - Wéi gesäit mäi Sall aus? Deen neie Sall fir an där zweeter Woch?
 - (...)
- *D'Elena an den Yves sinn an där anerer Grupp!* D'Opdeelung an déi verschidde Gruppe ka fir d'Kanner visuell „gräifbar“ ginn, wann déi zwou Gruppen z. B. mat Hëllef vu Fotoen, Nimmkäertercher oder Biller² an der Klass affichéiert ginn.
- *Moien, wéi geet et dir?* Dee reegelméisseg Austausch mat de Kanner aus der Übungsgrupp kann iwwert Videokonferenz (z. B. iwwert *Teams*) oder ee gemeinsamen Uruff (z. B. iwwert *Facetime*) am Laf vum Moie geschéien. Ee feste Rendez-vous an der Woch (ee bestëmmten Dag) gëtt de Kanner alleguer en Unhaltspunkt; et ass eppes Konkreetes, op dat si sech freeë kënnen.
- *Vu mir fir dech!* Niewent där virtueller Presenz gëtt et eng Rëtsch aner Méiglechkeeten, fir mateneen ze agéieren an ze interagéieren: D'Kanner mole sech Biller, maache Fotoe vu flotte Momenter, schreiwe sech kleng Bréiwer, huele Geschichte fireenen op asw. Dës kënnen op enger Plaz, z. B. enger Zort Bréifkëscht, hannerluecht ginn: Esou si si fir d'Kanner vun där zweeter Grupp accessibel an d'Bréifkëscht kann eng Woch iwwert déi aner nei gefëllt ginn.

¹ Mat Ausnam vun där éischter Woch, an där d'Kanner aus dem éischte Grupp déi éischt zwee Deeg (de 25. an de 26. Mee) an d'Kanner aus dem zweete Grupp déi lescht dräi Deeg (de 27., 28., a 29. Mee) an d'Schoul kommen. Méi Informatiounen iwwert déi allgemeng Organisatioun fannt Dir ë.a. am Pressedossier vum 5. Mee 2020 [„La reprise dans les écoles fondamentales et les structures d'accueil“](#).

² An ville Klassen huet jiddwer Kand e Bild, dat weist, wéi ee säi Krop oder wéi eng seng Këscht ass.

- *Mir maachen eppes zesummen, och wa mir net beienee sinn!* D’Kanner aus béide Gruppe kënnen och zesummen un engem gemeinsame Bild oder enger Bastelaarbecht schaffen: déi eng Woch molen a bastelen d’Kanner aus där éischer Grupp an déi Woch drop d’Kanner aus där zweeter Grupp drun.
- *E Säckelche voller Wënsch:* Den Ausbléck op d’Zäit dono mécht et de Kanner méi einfach fir ze verstoen, datt dësen Zoustand net fir ëmmer ass. D’Kanner aus deene verschiddene Gruppen iwwerleeë sech, wat si zesumme wëlle maachen, wa si sech erëmgesinn. Dës Wënsch ginn opgemoolt, opgepecht, opgeschriwwen, mat enger Flätsch versinn a si ginn an dem Wonschsäckelche versuert, bis et esou wäit ass.
- De Réckgrëff of besteeënd Ritualer kann de Kanner Orientéierung an engem verännerten Ëmfeld mat engem verännerten Dagesoflaf ginn.

1.2. Vulnerabel Kanner

Niewent de Kanner an där zweeter Grupp gëtt et awer och Kanner, déi doheem bleiwe mussen, well de Risiko vum Ustieche mam Virus fir si, hir Mamm oder hire Papp, ze grouss ass. Si ginn an der Reegel vun engem Enseignant³ betreit, dee vun doheem aus schafft, well hien oder si vulnerabel ass. Och wa fir si domat den Homeschooling viru geet, ass et wichteg, datt si de Kontakt zu hire Frënn net verléieren a reegelméisseg op d’mannst virtuell Kontakt zu de Kanner aus béide Gruppe hunn. D’Aktivitéiten, déi ënnert dem Punkt 1.1. beschriwwen sinn, maachen deemno och fir si Sënn.

³ Aus Grënn vun der Liesbarkeet gëtt den Terme „Enseignant“ hei als eng Zort Iwwerbegrëff gebraucht, deen esouwuel dat männlecht wéi dat weiblecht Léierpersonal an d’edukatiivt Personal mat abezitt.

2. An eiser Schoul ass viles nei an anescht

2.1. De Kllassesall

De 25. Mee wäert viles nei a viles anescht sinn – dat gëllt och fir de Kllassesall. D'Anhale vun de Sécherheetsofstänn am Kllassesall bréngt automatesch Verännerungen an der Raumgestaltung mat sech. Duerch d'Opdeele vun de Kanner aus enger Klass an zwou Gruppe si wuel manner Kanner zu där selwechter Zäit am Kllassesall; jiddwer Kand wäert awer méi Plaz brauchen, wéi dat bis elo de Fall war.

Am Dagesoflaf vum éischte Cycle gëtt et eng ganz Rëtsch vu Momenter, wou d'Kanner sech kierperlech no kommen: Während der Phas vum fréie Spill, am Sëtzkrees, an der Paus asw. Dës Momenter gehéieren an den éischte Cycle; si sinn e weesentleche Bestanddeel vu sengem Bildungsopdrag a kënnen domat net einfach ewechgeholl an duerch anerer ersat ginn. Matenee spillen a léieren heescht, eppes zesummen ze maachen, mateneen ze schwätzen an ze diskutéieren, sech Geschichten ze erzielen asw. An Zäite vu COVID-19 heescht et awer och, Protektiounsmesuren ëmzesetzen a Weeër ze fannen, fir op där enger Säit e kandgerecht Spillen a Léieren ze erméiglechen an op där anerer Säit de Kanner hir an Är Gesondheet beschtméiglech ze schützen.

Fest Sëtzplaze fir all Kand

- Jiddwer Kand kritt seng fest Sëtzplaz un engem Dësch („fest“ heescht, datt seng Sëtzplaz déi ganz Woch iwwer, bei alle Spiller an Aktivitéiten, déi op dem Dësch gemaach ginn, net variéiert). Dës Sëtzplaz ka mat dem Numm vum Kand, senger Foto oder sengem Bild versi ginn. Wichtig ass et hei, de Sécherheetsofstand zum Noper no Méiglechkeet ze respektéieren.
- Dës Mesure léisst sech relativ einfach mat eenzelen, méi klengen Dëscher ëmsetzen. Do, wou et Gruppendëscher gëtt, kann et virkommen, datt net Plaz genuch ass, fir datt all Kanner gläichzäiteg beim Dësch sëtze kënnen. Wichtig ass et hei, eng Plaz fir jiddwer Kand virzegesinn, den Dagesoflaf awer esou ze gestalten, datt net all Kanner zur selwechter Zäit beim Dësch sëtze mussen (z. B. an Atelierer ze schaffen). An deene Momenter vum Schouldag, wéi z. B. beim Moiesdësch, wou all Kanner zesummen iessen, kënnen aner Plazen am Sall, wéi de Bichereck oder d'Plaz fir de Sëtzkrees, mat bäigeholl ginn; verschidde Kanner kënnen och eng „Picknickplaz“ op dem Buedem kréien. Beispill: Op engem Dësch, dee fir 4 Kanner geduecht ass, däerfen ënnert den aktuellen Ëmstänn nëmmen 2 Kanner sëtzen. Déi aner zwee kréien an den less-Pausen eng aner Plaz. Si hunn awer och eng Plaz beim Dësch (mat hirem Numm, hirer Foto, hirem Bild), op déi si sech setzen, wann déi aner zwee Kanner op enger anerer Plaz am Raum spillen, molen, bastelen asw.
- Jiddwer Kand kritt säi Stull oder seng Plaz op der Bänk; dës ka mat sengem Numm, senger Foto oder sengem Bild versi ginn. All Plaz um Dësch an all Stull hunn deemno zwee Nimm, zwee Biller oder zwou Fotoen: déi vun engem Kand aus där éischter an déi vun engem Kand aus där zweeter Grupp.
- *Firwat sëtze mir esou wäit auserneen? Firwat huet jiddweree seng Plaz a säi Stull?* Erklärungen hëllef de Kanner och hei, besser ze verstoen, firwat dës Mesuren noutwenneg sinn a wéi si geduecht sinn.

Spillecker

- A velle Kllassesäll ass de Raum mat Podester, Regaler oder anere Strukturelementer a verschidde Spillecker ënnerdeelt. Dës gutt siichtbar Trennung maachen et de Kanner méi liicht, fir Ofstänn anzehalen. Spillecker kënnen awer och bei Bedarf mat mobilen Elementer (wéi z.B. Spillsaachekëschten) vunenee getrennt ginn, mat Pechsträifen op dem Buedem markéiert ginn asw.
- D'Zuel vun de Spillecker riicht sech un der Zuel vun de Kanner aus. E Beispill: Wa fir eng Grupp vun 10 Kanner 5 Spillecker zur Verfügung stinn, komme bei gläichméisseger Verdeelung op déi verschidden Ecker maximal 2 Kanner beieneen. Dir kënnt d'Notzungsbedingunge vun de Spillecker mat de Kanner zesumme festleeën: *Wie spillt wou mat wem? Wéivill Kanner däerfe mateneen an engem Eck spillen? Wéi dacks gëtt gewiesselt?* Mat Hëllef vu Fotoen/Bildkärtercher an den Nimm vun de Kanner kann d'Verdeelung fir jiddweree siichtbar festgehale ginn.
- Dir kënnt Äert Fräispill a verschidde méi kuerz Spillphasen andeelen. Um Enn vun enger Spillphas kënnen déi Kanner, déi wëllen, an een anere Spilleck wiesselen, dat ëmmer mam Bléck op d'Maximalzuel vu Kanner pro Spilleck. Dat kënnt och deene méi jonke Kanner, fir déi et heefeg nach schwéier ass, laang bei engem an deem selwechte Spill ze bleiwen, entgéint.
- D'Dëscher, de Sëtzkrees, de Bichereck asw. kënnen als „Spillplaze“ mat bäigeholl ginn.

De Bichereck

De Bichereck ass op velle Plazen e feste Bestanddeel vum Kllassesall am éischte Cycle. E ka ganz ënnerschiddlech Formen hunn, ass awer dacks sënnvollerweis esou equipéiert, datt d'Kanner d'Méiglechkeet hunn, sech beieneen ze setzen (op enger Matrass, an engem Kannapee oder Fotellen) fir zesumme Bicher ze kucken a sech géigesäiteg Geschichten ze erzielen.

D'Bicher wäerten och weiderhin hir Plaz an der Klass hunn an d'Erziele vu Geschichte wäert och weiderhi méiglech sinn; allerdéngs wäert et noutwenneg sinn, de Ëmgang mat de Bicher anescht ze organiséieren.

- D'Zuel vun de Bicher gëtt no Méiglechkeet reduzéiert; Dir kënnt d'Auswiel mat de Kanner zesummen maachen. D'Bicher ginn am beschten niewentenee geluecht/gestallt. Esou gëtt evitéiert, datt d'Kanner sech duerch dee ganze Stouss wullen, ier si dat Buch fonnt hunn, dat si sichen.
- Et mécht Sënn, vun Ufank u festzeleeën, wéi vill Kanner sech maximal zesummen am Bichereck ophale kënnen, dëst mat Bléck op déi néideg Sécherheetsofstänn. Wann Dir dëst mat Hëllef vu Bild-, Punkt- oder Zifferekärtercher affichéiert, hëlleft dat de Kanner ze verstoen a sech drun ze erënnere.
- Eng aner Méiglechkeet ass et, fir d'Buch op senger Plaz beim Dësch ze kucken. Zesumme sichen d'Kanner no Weeër, fir weider een deem anere kënnen Geschichten ze verzielen (z. B. kënnen d'Kanner, déi sech en Dësch deelen, d'Buch an d'Mëtt op den Dësch leeën; verschidde Geschichte ginn opgeholl a gelauschert, ee Kand erzielt deenen aneren eng Geschichte).

- An dëser Zäit, an där probéiert gëtt, d'Notzung vun didaktesche Material op e Minimum vu Persounen ze limitéieren, sollten d'Kanner keng Bicher aus der Schoul mat heem huelen an och keng Bicher vun doheem matbréngen.

De Sëtzkrees

De Sëtzkrees ass eng vun deene Plazen am Raum, wou d'Kanner sech ganz no kommen. Dat huet eppes mat senger Funktioun ze dinn. De Sëtzkrees ass do, fir eppes zesummen ze maachen: Iwwert en Thema ze schwätzen, enger Geschicht nozelauschteren, eng Aktivitéit vir- oder nozebereeden asw. Och hei gëllt et deemno, de Sëtzkrees esou ze amenagéieren, datt et weiderhi méiglech wäert sinn, gemeinsam flott Momenter hei ze erliewen a gläichzäiteg déi néideg Schutzmesuren anzehalen.

- Am Sëtzkrees setzen d'Kanner no Méiglechkeet op hire Still/op de Bänken an net op Këssen. Dës losse sech net nëmme manner gutt propper halen; wann d'Kanner op dem Buedem setzen, ass den Hang, fir bei den Noper ze réckelen an dësen unzepaken, méi grouss. D'Kanner verdeele sech esou op de Still/de Bänken, datt de Sécherheetsofstand ka respektéiert ginn. Et hänkt vun der Gréisst vum Raum an der Grupp of, ob d'Kanner alleguer zesummen am Krees sëtze kënnen oder ob hei an zwou Gruppe geschafft gëtt.
- De Sëtzkrees kann ausnamsweis och an e Raum verlagert ginn, dee méi Plaz bitt (z. B. an d'Kichen oder, bei guddem Wieder, an de Schoulhaff). Weider Erklärunge fannt Dir ënnert dem Punkt „Notzung vu gemeinsame Raimlechkeeten“.
- Bei verschiddene gemeinsamen Aktivitéiten, wéi z. B. dem Erziele vun enger Geschicht, losse sech relativ liicht Alternativen zum Sëtzkrees fannen: D'Kanner sëtze bei hirem Dësch oder verdeele sech mat de Still am Sall. Bei engem bestëmmte Stéchwuert gëllt et ze reagéieren an opzestoen (z. B. all Kéier, wann den Haaptpersonage ernimmt gëtt); wann d'Biller aus der Geschicht un d'Kanner verdeelt ginn a si hiert Bild op där entsprecherender Plaz vun der Geschicht an d'Luucht halen, si si aktiv agebonnen, och wa si méi wäit auserne setzen.

2.2. D'Notzung vu gemeinsame Raimlechkeeten (Kichen, Gank asw.)

Eenzel Raimlechkeeten an engem Schoulgebaai gi vu méi Klasse genotzt. Niewent dem Wäschraum sinn dat heefeg d'Kichen an de Gank. Verschidden Ännerunge ginn och hei mat Bléck op d'Schutzmoosnamen noutwenneg.

- Am Gank gëtt e Verkéier a zwou Richtunge virgesinn; Markéierungen op dem Buedem maachen et de Kanner méi liicht, fir sech ze orientéieren. Wichtig ass et och hei, zesumme mat deenen anere KollegInnen, déi hir Klassen am selwechte Schoulgebaai hunn, festzeleeën, wéivill Kanner mateneen am Gank däerfe sinn.
- Feiler, Schëlter (STOP) oder Luuchten („gréng“ heescht „goen“, „rout“ heescht „Stop“), déi de „Verkéier“ reegelen, kënnen mat de Kanner zesumme gemoolt ginn.
- An enger Rëtsch vu Schoule gëtt et e Psychomotorikraum oder eng Raimlechkeet mat änlecher Funktioun. Dës Raim wäerte bis op Weideres net als Beweegungsraum kënnen genotzt ginn. Wa si net fir d'Betreiung vun den „Übungsgruppe“ gebraucht ginn, kënnen si och fir aner Aktivitéiten, wéi z. B. de Gespréichskrees, genotzt ginn.

- Bei Raimlechkeeten, déi vu méi Klasse genotzt ginn (z. B. d’Kichen, de Psychomotoriksraum), ass et wichteg, datt d’Gruppe sech an dëse Raimlechkeeten net mëschen; en Nutzungsplang, dee mat de KollegInnen opgestallt gëtt, an dee festhält, wien wéini de Raum notzt, mécht hei Sënn.

2.3. D’Spillsaachen

Eng „Spillschoul“ ouni Spillsaachen ass net denkbar, och net an Zäite vu COVID-19. An dach ass et grad elo onëmginglech, fir och an dësem Kader all Méiglechkeeten ze notzen, fir sech selwer an déi aner beschtméiglech virum Virus ze schützen. Déi follgend Recommandatioune wëllen Iech bei der Selektioun vum Material hëllef.

Et gëtt Spillmaterial, dat sech méi schwéier propper hale léisst (z. B. well et net wäschbar ass) oder der Botzequipe d’Aarbecht erschwéiert. Dëst Spillmaterial gëtt „an d’Vakanz“ geschéckt: Eenzel méi kleng Teppecher, Riddeen a Këssen, Petzien a Poppen aus Stoft; Kleederkëschte mat Kostümer, Parécken, Masken an Hitt asw.

D’Kanner brénge keng Spillsaache vun doheem mat. Eng Ausnam kann hei den Doudou sinn.

Den Doudou

Fir vill jonk Kanner ass den Doudou Kuscheldéier, Spillkomerod a beschte Frënd an engem. Grad an Zäite wéi dësen, déi fir vill Kanner mat neien an deelweis schwierigen Erfahrungen an Ëmstellungen verbonne sinn (d’Mamm an de Papp kommen net mat eran, en Deel vun de Frënn ass an enger anerer Grupp), ass et ëmsou méi wichteg, dësen treie Kolleg un hirer Säit ze hunn. Et ass awer noutwenneg, den Ëmgang mam Doudou u kloer Reegelen ze bannen.

- Den Doudou kritt seng fest Plaz am Kllassesall (z.B. an der Këscht vum Kand, a senger Posch). Esou weess d’Kand, wou et säin Déierchen huet an et kann dëst siche goen, wann et et brauch. Wichteg ass et, datt d’Kand den Doudou ëmmer bei sech huet a bei sech behält, wann dësen net an der Posch oder an der Këscht schléift.
- Eng aner Méiglechkeet ass et, datt jiddwer Kand een Doudou vun doheem matbréngt, deen an der Schoul bleift, hei seng fest Plaz kritt. Um Enn vun der Woch geet den Doudou mat heem, fir gewäsch ze ginn a Plaz ze maache fir d’Doudou vun de Kanner aus dem zweete Grupp.

De Buttek/d’Kichen

- Fir d’Spill am Buttek/an der Kiche gëtt Material geholl, dat einfach propper ze halen ass:
 - Kichegeschier a Liewesmëttel (Uebst a Geméis), déi kënnen gewäsch/gespullt ginn;
 - Spillmaterial aus Holz, dat fiicht ofgemaach ka ginn;
 - Liewesmëttelverpackungen, déi reegelméisseg kënnen ersat ginn.
- Nom Spill raumen d’Kanner d’Spillmaterial an d’Këscht. Dat mécht der Botzequipe d’Aarbecht méi einfach. De Buttek an d’Kiche ginn all Dag ofgemaach; d’Spillmaterial gëtt wa méiglech op d’mannst eemol d’Woch a spéitstens beim Wiessel vun der Kannergrupp gebotzt.

- Dir kënnt d'Reegele fir d'Spill am Buttek mat de Kanner zesumme festleeën (z. B. d'Zuel vu Kanner, déi maximal zesummen am Buttek/an der Kiche spillen, den Hiwäis drop, datt d'Spillmaterial net an de Mond geholl gëtt asw.).

D'Poppen

- D'Poppen aus Stoft ginn an d'Vakanz geschéckt; zeréckbehale ginn déijéineg, déi sech wäsche loosse (z. B. Poppen, déi e Kierper aus Plastik hunn).
- Poppekleeder aus Woll ginn ewechgeraumt, Kleeder, déi bis 60 Grad wäschbar sinn, gi bäibehalen. Poppekleeder kënnen och duerch Bëebesgezei, dat net méi gebraucht gëtt, ersat ginn.
- Poppen a Poppekleeder ginn no Méiglechkeet op d'mannst eemol d'Woch a spéitstens beim Wiessel vun der Kannergrupp gewäsch. De Bestand u Poppen a Kleeder kann och op déi zwou Gruppen opgedeelt ginn. Esou huet jiddwer Grupp hiert Spillmaterial.

D'Konstruktionsmaterial

- D'Material, dat fir de Konstruktionsseck zeréckbehale gëtt, soll einfach propper ze hale sinn a soll de Kanner d'Méiglechkeet ginn, eenzel kënnen domat ze spillen (z. B. Lego an Duplo, Baukasten a Kapla).
- Deelt d'Konstruktionsmaterial wa méiglech op déi zwou Gruppen op. Hei gëtt et verschidde Méiglechkeeten:
 - D'Material (wéi z. B. den Duplo) gëtt an zwee gedeelt. Esou huet jiddwer Grupp dat selwecht Material a manner grousser Quantitéit.
 - De Gesamtbestand u Material gëtt op déi zwou Gruppen opgedeelt. Esou kréie béid Gruppen ënnerschiddlecht Material. Dëst kann eemol an der Zäit bis zum Enn vum Schouljoer (z. B. Mëtt Juni) tëschent de Gruppe gewiesselt ginn. Wichtig ass et hei, datt d'Material propper gemaach gëtt, ier d'Kanner aus där zweeter Grupp domat spillen.
- D'Konstruktione ginn all Dag ewechgeraumt an d'Material gëtt a Këschte versuergt. Dat erliichtert d'Botze vum Sall. Wa Fotoe vun de Konstruktione gemaach ginn, bleiwen dës iwwert eng länger Zäit erhalten. D'Kanner aus där zweeter Grupp gesinn esou och, wat während där Zäit, wou si net do sinn, gemaach gëtt.
- D'Konstruktionsmaterial gëtt no Méiglechkeet op d'mannst eemol d'Woch a spéitstens beim Wiessel vun der Kannergrupp propper gemaach. Och dat Material, dat am selwechte Grupp bleift, gëtt deemno um Enn vun der Woch gebotzt.

Gesellschaftsspiller, Léierspiller, Puzzelen a Bicher⁴

- D'Spiller an d'Bicher ginn op déi zwou Gruppen opgedeelt. Esou kommen iwwert e längeren Zäitraum ëmmer déi selwecht Kanner a Kontakt mat deem selwechte Material a Kontakt.
- Wichtig ass et, datt déi selwecht Bicher a Spiller am Laf vun engem Moie vu méiglechst wéinege Kanner beréiert ginn. Jiddwer Kand ka sech z. B. ee Buch wielen, dat dee Moie „säi Buch“ ass. Hei gëtt all Dag gewisselt. Dat selwecht gëllt fir d'Spiller: All Moie spillt ee Kand/ ee Grupp vu Kanner mat enegm bestëmmte Spill.
- Dir kënnt d'Aart a Weis vun der Notzung vun de Spiller mat de Kanner zesumme festleeën: *Wéi vill Kanner kënnen zesummen ee Spill spillen? Wou ginn d'Spiller gespilt? D'Puzzlestécker sinn net fir ze iessen asw.*
- Wann Dir decidéiert, fir d'Material tëschent de Gruppen ze wiesselen (z. B. Mëtt Juni), recommandéiert d'Direktioun vun der Santé en Delai vun 72 Stonne fir de Risque vun enger Ustiechung ze limitéieren.

2.4. Material fir ze molen an ze bastelen

Mol- a Bastelmaterial ass dacks a gréissere Quantitéiten do a steet de Kanner alleguer zur Verfügung (z. B. den Tirang mat de Wuessfaarwen, eng Schnëppelkëscht, Pärelen an Dekoratiounselementer, d'Dëppercher mat de Schéieren oder de Pinselen). An deenen nächste Wochen a Méint wäert et elo drëm goen, dee gemeinsame Gebrauch an d'Deele vu Material esou wäit wéi méiglech ze reduzéieren.

E Set fir all Kand

- Fir all Kand gëtt e Set zesumme gestallt mat Faarwen, enger Schéier, engem Pech, engem oder méi Pinselen, engem Waasserdëppchen asw. D'Material kann z. B. an enger klenger Tut oder engem Säckelchen aus Stoff versuergt ginn. Um Enn vun der Woch ginn d'Sette bei Bedarf de KollegInnen zur Verfügung gestallt, déi d'Übungsgrupp betreiën. Schwätzt Iech hei am beschte mat hinnen of, wéi dësen Transfert ka geschéien. Wichtig ass et, datt d'Kanner hire Set net mat heem huelen.
- Am Virfeld vun enger Bastelaktivitéit mécht et Sënn, e Bastelset mat deem Material, dat gebraucht gëtt (z. B. Pärelen, Wackelaen) fir all Kand zesummenzestellen. Dat kënnt Dir mat de Kanner zesumme maachen; dee Moment wielen d'Kanner d'Material (andeems si et weisen oder beschreiwen) an Dir macht et an d'Tut.
- Dir verdeelt d'Blieder an aner Supporten (Ënnerlagen, Schiertecher) virun der Bastelarbecht un d'Kanner.

⁴ Bicher an anert Spillmaterial aus Pabeier ginn net als Iwwerdroer vum Virus betruecht. D'Direktioun vun der Santé recommandéiert 3 Stonnen ze waarden ier en anert Kand domat spillt

Mol a Bastelmaterial fir ze deelen

- Verschidde Mol- a Bastelsaache loosse sech net op déi eenzel Kanner opdeelen (Gouache- a Waasserfaarwen, Leem asw.). Hei ass et rotsam, verschiddeenen Aktivitéiten/Ateliere parallel unzebidden.
- D'Schiertecher ginn no Méiglechkeet um Enn vun der Woch gewäsch. Déi Kanner, déi e Schiertech hunn, dat sech net wäsche léisst, bréngen, wa méiglech, en alen T-Shirt vun der Mamm oder dem Papp mat. Um Enn vun der Woch gëtt et mat heem geholl fir ze wäschen (virausgesat, datt et an där Woch gebraucht ginn ass).

Iddië fir Mol- a Bastelaktivitéiten

- Aktivitéiten, wéi Moldiktater oder Mol- a Bastel-Rotspiller, betounen net nëmmen dat gemeinsamt Erliewen, dat an dësen Zäite vill méi seele wéi soss méiglech ass, mee setze bewosst op Verstoppen an Distanz (z. B. geet et bei de Rotspiller drëm, net op deem anere säi Blat ze gesinn, wat sech ëmsou besser mécht, wat ee méi wäit ausernee sëtzt). Konkreet Beispiller heizou gëtt et op dem Site „Schoul doheem“ <https://www.schouldoheem.lu/lu/activites/transversal-kompetenzen-mendlecht-verstoen-raum-formen-greissten-moossen-zuelen>.

2.5. Iessen an Drénken

Verännerungen an Upassunge sinn net nëmme mat Bléck op d'Anhale vu Schutzmoosnamen noutwenneg, mee entstinn och doduerch, datt d'Kanner 5 amplaz 4 Stonnen an der Schoul sinn. Hei ass et normal, datt de Mo mat grommelen ufänkt. Dofir ass et wichteg, zwee less-Momenter am Laf vum Moie virzegesinn (z. B. eng méi eng laang an eng méi eng kuerz lesspaus) an den Eltere mat op de Wee ze ginn, datt d'Kanner méi fir ze iesse sollten dobäi hunn.

D'less-Pausen

- *Ech iesse meng Schmier an du deng:* Jiddwer Kand bréngt säin Iesse fir de Moiesdësch vun doheem a senger Këscht mat. Doniewent huet et eng Zerwéit an e Becher dobäi. Zesumme mat senger Schmierekëscht ginn dës an der Posch versuergt. De Becher an d'Zervéit huelen Kanner all Dag mat heem fir ze spullen.
- D'Kanner deelen hiert Iessen net mateneen. Drot Äre Mask, wann Dir engem Kand während dem Iessen hëlleft.
- Erklärungen zu deenen neien Iess-Regelunge maachen et de Kanner méi einfach dës ze verstoen: *Firwat dierf ech mäin Iesse net mat engem aneren deelen? Firwat soll ech nëmmen aus mengem Becher drénken? Firwat ass et gutt, net alles beieneen ze iessen, wat a menger Këscht ass?* D'Kanner kënnen sech, ier si ufänke mat iessen, iwwerleeën, wat si sech fir déi zweet less-Paus wëllen halen.
- Den Dësch gëtt virun a nom Iesse mat Waasser a Seef ofgemaach.

- Wann e Kand Dusch huet, hält et säi Becher aus der Posch an drénkt Waasser beim Lavabo.

2.6. De Schoulhaff

Well d'Experten dovun ausginn, datt de Coronavirus sech dobausse manner séier verbreet, réit den Educatiounsministère, datt d'Kanner méi Zäit wéi soss dobausse verbréngen.

D'Paus

Dat ass dee Moment am Schouldag, wou d'Kanner Drock ofloossen a sech „midd maache“ kënnen. Dat däerf och grad elo net a Fro gestallt ginn; gläichzäiteg gëllt et och hei, Kanner wéi Erwuessener maximal ze protegieren. Dofir ass et virun allem a Gebaier mat méi Klasse wichtig, mat de KollegInnen zesummen e Pauseplang auszeschaffen, deen esou opgebaut ass, datt méiglechst wéineg Kanner zesummen an der Paus sinn. Eventuell mécht et och Sënn, verschidden Zonen/Ecker fir verschidde Klasse festzeleeën.

- D'Pause ginn no Méiglechkeet „versat“ organiséiert.
- D'Spillmaterial an d'Spillaktivitéite sollte bewosst mat Bléck op d'Protektiounsmesurë gewielt ginn.
 - Spillsaachen, déi mat de Féiss kënnen gespilt ginn, wéi z. B. Bäll, kënnen bäibehale ginn.
 - [Spiller mam Loftball](#) bidde sech un, well hei all Kand säi Loftballon krit.
 - *Mir ginn op Schatzsich*: D'Kanner maache sech op d'Sich no Saachen, déi eng bestëmmt Faarf, Form, Gréisst hunn. Et däerf ëmmer nëmmen ee Kand bei all Géigend, Spillelement, Planz sinn.
 - De *Service national de la Jeunesse* bitt op sengem [Site](#) eng Rëtsch vun Natur- a Bewegungsspiller fir Kanner un.

2.7. De Bësch

Fir de Bësch gëllt dat, wat fir den Haff gëllt. Dofir wäerten d'Bëschdeeg och an Zukunft eng wichteg Optioun fir Kanner aus dem Cycle 1 sinn. Hei gëlle selbstverständlech déi selwecht Protektiounsmesurë wéi am Schoulgebaai.

- D'Kanner ginn no Méiglechkeet net niewent- mee hannertenee mat deem néidege Sécherheetsofstand.
- Fiicht Dicher, Désinfectant, Nuesschnappecher an Händsche gehéieren zur Basisaustattung dobäi.
- D'Kanner dinn am beschten hir Bëschkleeder doheem un an dinn dës och erëm doheem aus. Wann Dir nach Kleeder an der Schoul versuergt, gitt de Kanner dës mat heem, fir datt si kënnen gewäsch an dann doheem ugedoe ginn.
- Eng kleng Auswiel un Aktivitéiten:
 - „[Komm, mir ginn an de Bësch!](#)“ op dem Site www.schouldoheem.lu.
 - De *Service national de la Jeunesse* bitt op sengem [Site](#) eng Rëtsch vun Natur- a Bewegungsspiller fir Kanner un.

3. Mir passen een op deen aneren op!

Eng vun den Haaptmissiounen vum éischte Cycle ass et, fir jonke Kanner d'Méiglechkeet ze ginn, MAT ANEREN ZESUMME „grouss“ ze ginn. An deenen zwee bis dräi Joer, déi si hei zesumme verbréngen, léiere si, mat anere Kanner zesummenzeliewen. Dës Entwécklung geet net nëmmen, awer vill iwwert deen direkte Kontakt: Jonk Kanner begräifen duerch Gräifen, si léieren, andeems si hir Welt mat zwou Hänn (u)paken. Mënschen, Déieren a Saache sinn Deel vun dëser Welt fir unzepaken.

Gemeinsam Aktivitéiten a méi oder manner grouse Gruppe sinn e weesentleche Pilier vum Bildungsopdrag vum éischte Cycle. Dat erschwéiert d'Ëmsetze vun de Mesurë vum „Social Distancing“, mécht se awer net onméiglech. D'Recommandatiounen an dësem Volet probéieren dofir, déi individuell Bedierfnesser vun de Kanner mat deenen allgemenge Bedierfnesser no Schutz a Sécherheet an Aklang ze bréngen.

3.1. Den Ëmgang mateneen

10 Wochen doheem ass eng laang Zäit; och wann déi technesch Méiglechkeeten haut e méi oder manner reegelméissege virtuelle Kontakt erlaben, verlaangere d'Kanner no hire Frënn, hirer „Joffer“ oder hirem „Schoulmeeschter“. De 25. Mee wäert fir si bal wéi den éischten Dag vun engem neie Schouljoer sinn: Villes wäert nei an anescht sinn. 10 Woche leien hannert hinnen, 10 aussergewöhnlech Wochen, gefëllt mat Ausnamesituatiounen, mat ville schéinen a sécherlech och mat manner schéinen Erliednesser. D'Erënnerung doru wäert jiddwer Kand a senger Posch mat an d'Schoul bréngen.

Dofir ass et grad an deenen éischten Deeg wichteg, e Gefill vu Sécherheet a Gebuergeheet ze vermëttelen: *Et ass schéin, datt s du rëm do bass!* De Besoin no Kierperkontakt wäert besonnesch grouss sinn: Vill Kanner wëllen an den Aarm geholl ginn, wëllen deen aneren drécken a sech widdert hie kuschelen, fir sécher ze goen, datt alles beim Alen ass an datt alles erëm gutt gëtt: *Ass d'Joffer nach frou mat mir? Ass den Tom nach ëmmer mäi beschte Frënd? Huet d'Samira mech net vergiess?* Asw.

D'Kanner kréien Zäit fir unzekommen

- *Däerf ech op de Schouss kommen?* Jo! Et ass natierlech och weiderhi méiglech, e Kand op de Schouss oder an den Aarm ze huelen, wann et traureg ass, sech wéi gedoen huet oder einfach nëmmen ee brauch, dee fir et do ass. Probéiert, fir Äert Gesiicht net ze no bei dat vum Kand ze halen an drot no Méiglechkeet Äre Mondschtz⁵. Wäscht dono zesumme mam Kand d'Hänn.
- *Ech si frou mat dir, och wann ech mech ewechhalen:* E Gespréich gëtt d'Méiglechkeet, fir de Kanner d'Wichtigkeet vun dëse Mesuren ze erklären. *Wann ech dech net upaken, heescht dat net, datt ech manner frou mat dir sinn. Et heescht, datt ech net wëll, datt s du krank gëss.*
- Jiddwer Kand bréngt schéin a manner schéin Erënnerungen un d'Zäit doheem mat; wichteg ass et, dësen Erliednesser an der Schoul dee Raum ze ginn, dee si brauchen. Flott Erliednesser ginn zesummen ugeschwat; konkret Saachen (wéi z. B. den Ouschterhues an d'Ouschtereeër, en extra gutt lessen, e flotten Ausfluch) maachen de Kanner et méi liicht, fir dëse laangen Zäitraum ze iwwerblécken. Traureg Erliednesser ginn och ugeschwat (z. B. d'Trennung vun de Frënn, de Grousselteren).

⁵ Jiddwer Enseignant, deen dat wënscht, kann eng Visiëre beim Educatiounsministère bestellen. Dëst geet iwwert e Formulaire, deen iwwert d'Direktiounen un d'Schoule verschéckt gëtt.

- Zesumme kënnen d’Kanner no Méiglechkeete sichen, fir engem léiwe Mënsch eng Freed ze maachen: E Bild gëtt gemoolt, e kleng „Reportage“ iwwert d’Zäit an der Schoul gëtt gemaach (mat Fotoen an Aussoe vun de Kanner), en Audiomessage gëtt verfaasst, eng [Émaarmung aus Pabeier](#) gëtt gebastelt, asw.

Zesummen no Méiglechkeete sichen, fir seng Gefiller auszudrücken

- *Wéi kann ech deem anere weisen, datt ech frou mat him sinn, ouni en unzepakem? Datt ech dat flott fannen, wat e seet oder mécht? Datt mir eppes net gefällt?* D’Kanner erkennen, wéi wichteg d’Sprooch hei ass; si gesinn, datt et Wiederer gëtt, déi gutt sinn, an anerer, déi wéi dinn. Mat Hëllef vu Sprécher a kleng Gedichter zum Thema kënnen si ëmmer erëm deem anere soen a weisen, wéi schéin et ass, datt en do ass.
- *Kuck, wéi frou ech mat dir sinn!* Zesumme mat de Kanner kënnen Dir no Geste sichen, déi deen direkte Kontakt ersetze kënnen: Si wénke sech, wa si ukommen an heem ginn, si maachen en Häerz mat de Fangeren asw.
- *Wat huet dir haut am beschte gefall?* Wann Dir um Enn vun engem Schouldag mat de Kanner zesumme verschidde besonnesch flott Momenter Revue passéiere loosst, hu si eppes Schéines fir matzehuelen.
- *Léif Wiederer ...* D’Kanner kënnen en [Telefon aus Bechere](#) bastelen, iwwert dee si matenee schwätze kënnen.
- *Zwee Meter, dat ass esou laang wéi ...* Mat Hëllef vun engem Moossband, engem Meter, enger Schnouer asw. kënnen d’Kanner eng Virstellung dovun entwéckelen, wat zwee Meter sinn. Si ginn d’Distanz of an zielen hir Schrëtt; si probéieren zwee Meter wäit ze sprangen, eng Schlaang mat Baukastestécker vun zwee Meter ze leeën, si bastelen hiren eegene „Meter“ aus Pabeierstécker, si maache sech op d’Sich no Géigestänn, déi d’selwecht laang, méi oder manner laang sinn asw. D’Kanner moossen op verschiddene Plazen d’Ofstänn, déi mussen agehale ginn: am Wäschräum beim Lavabo, op dem Dësch, am Sëtzkrees asw. D’Ofstänn kënnen markéiert ginn (z. B. mat Sträife vu Kliefband, mat Kräid op dem Buedem am Haff).

Zesummen iwwert de Coronavirus schwätzen

- *Firwat mussen mir eis vuneneen ewechhalen? Firwat dierfe mir net bei d’Bomi an de Bopi goen? Firwat hunn esou vill Leit e Mask un? Wat ass de Coronavirus? Wat mécht dee mat mir, wann ech e kréien asw.?* Froen iwwert Froen, déi dacks mat Ängschten an Onsécherheete verbonne sinn. Wichteg ass et, fir hinnen déi Plaz ze ginn, déi si brauchen. Mëttlerweil gëtt et eng Rëtsch vu Bicher a flotte Siten, déi lech kënnen dobäi hëllef, dëst Thema op eng kandgerecht Manéier unzegoen.
- [De Coronavirus – e Buch fir Kanner](#) aus den Éditions Kremart mat Illustratiounen vum Gruffelo-Zeechner Axel Scheffler, kënnen Dir kënnen iwwert hire Site eroflueden.

3.2. Arivée an Depart vun de Kanner

Déi Momenter am Schouldag, an deene vill Mënsche beieneen op där selwechter Plaz zesumme kommen, stelle besonnesch héich Ufuerderungen un d'Anhale vun de Protektiounsmesuren: D'Arrivée an den Depart vun de Kanner an der Enceinte vum Schoulgebai grad ewéi d'Un- an d'Ausdinn am Gank sinn esou Momenter. Dës Modalitéite gi selbstverständlech an all Schoul deene jeeweilege spezifesch Ëmstänn ugepasst. Doriwwer eraus kritt jiddwer Schoul vum Educatiounsministère eng Affiche mat deene wichtigste Gestebarrièren, déi et am Agangsberäich ze beuechte gëllt; si gëtt an der Entrée gutt siichtbar no baussen ubruecht.

Moien an Äddi

- D'Elteren/d'Geschwëster soen dem Kand virun der Dir Äddi. Si kommen wa méiglech net an d'Schoul eran.⁶ Dat selwecht gëllt fir d'Personal aus der Crèche/Maison Relais. D'Kand gëtt vun engem Member vum Personal bruecht oder ofgeholl.
- D'Kanner, déi mam Bus kommen, gi vun engem/méi Erwuessene beim Bus ofgeholl. Dës passen op, datt déi néideg Sécherheetsofstänn kënnen agehale ginn. Den Asaz vun engem Seel (op deem d'Ofstänn faarweg markéier sinn) kann hei eventuell sënnvoll sinn.

Wouhi mat der Jackett, der Posch an de Schong?

D'Garderob ass déi Plaz am Schoulgebai, wou vill Kanner mateneen op enkem Raum an a ganz noem Kontakt sinn, wou hir Schlappen, Schong, Poschen, Jacketten, Kapen asw. widdert-, niewent-, op- an ënnertenee leien. Deemno ass et noutwenneg, d'Méiglechkeete vum direkte Kontakt esou kleng wéi méiglech ze halen an dat esouwuel mat Bléck op d'Kanner wéi och op hir Kleedungsstécker. Doraus ergëtt sech, datt d'Garderobe fir d'Kanner bis op Weideres net wäert accessibel sinn. D'Kleedungsstécker an d'Posche plënnere vum Gank an de Kllassesall.

- D'Kanner stiechen hir Mutz oder Kap an den Aarm vun hiner Jackett. Si hänken hir Jackett op de Stull.
- Well et ënnert deenen aktuellen Ëmstänn schwéier ass, Schong a Schlappen ze versueren, halen d'Kanner no Méiglechkeet hir Schong an der Schoul un. An Ausnahmefäll, z. B. wa si Stiwvelen unhunn, kënnen d'Kanner hir Schlappen undinn.
- De Kanner hir Posche kréien eng fest Plaz. Dat kann ënnert dem Dësch sinn; si kënnen awer och eng Plaz am Gank oder an engem Eck vum Kllassesall kréien. Wichtig ass, datt si fir d'Kanner direkt accessibel sinn a si net eng Rëtsch aner Posche mussen upake fir un hir ze kommen.

⁶ An Ausnahmefäll (z. B. am Precoce) kënnen d'Eltere mat erakommen. Hei mussen dee Moment d'Sécherheetsofstänn agehalen an d'Protektiounsmesuren (Droe vum Mondschutz) beuecht ginn. D'Entrée vum Elterendeel gëtt och schrëftlech festgehalen, fir datt et, am Fall vun enger Erkrankung méiglech wier, den Traçage ze maachen.

3.3. D'Hänn wäschen

D'Hänn kënnen an Zäite vu COVID-19 net dacks genuch gewäsch ginn. Elo ass awer och de Moment, fir Gewunnechten ze festegen an e Bewosstsinn fir d'Wichtigkeet vun der Kierperhygiëne ze entwéckelen: Propper Hänn wäerten och no dëser Zäit weiderhi gebraucht ginn. D'Zesummenaarbecht mat den Elteren ass hei immens wichteg, well si entscheidend dozou bäidroen kann, datt déi verschidde Schrëtt beim Wäsche vun den Hänn fir d'Kanner en Automatismus ginn.

Wéi ginn d'Hänn gewäsch?

- Probéiert no Méiglechkeet dobäi ze sinn, wann d'Kanner hir Hänn wäschen.⁷ D'Kanner wäschen hir Hänn grëndlech mat Waasser a Seef ënnert dem Krunn. Wa si fäerdegen sinn, dréchnen si hir Hänn mat Pabeierdicher of a geheien dës uschléissend an de Pabeierkuerf. All Schoul kritt vum Educatiounsministère eng Affiche mat deene verschidde Etappen, déi et beim Wäsche vun den Hänn ze beuechte gëtt.
- D'Mindestofstänn vun 2 Meter sollen och beim Wäschen agehal ginn; bei eenzelen, méi klengen Lavaboen, steet maximal ee Kand bei all Lavabo; bei méi laange Waschbecken kënnen puer Kanner mateneen d'Hänn wäschen. D'Sécherheetsofstänn kënnen z. B. mat Pechsträifen op dem Buedem markéiert ginn.

D'Reegele fir d'Notzung vun de Wäschraim kënnen Dir no Méiglechkeet zesumme mat Äre Kanner opstellen:
Wéivill Lavaboen hu mir an eisem Wäschraum? Wéivill Kanner kënnen mateneen hir Hänn bei engem Lavabo wäschen, wa si 2 Meter wäit ausernee mussen bleiwen?
- Wann d'Kanner ënnerwee sinn, ginn d'Hänn mat Fiichtdicher an Désinfectant op Alkoholbasis propfer gehalen.

Wéini ginn d'Hänn gewäsch?

- Dir kënnt déi wichteg „kollektiv“ Momenter, an deenen d'Hänn gewäsch ginn, mat de Kanner zesumme festleeën.
- D'Hänn gi gewäsch ...
... moies, nodeems d'Kanner ukomm sinn;
... nom Gank op d'Toilette;
... virun an nom lessen;
... nodeems si gehouscht oder d'Nues gebotzt hunn;
... mëttes, ier d'Kanner heem ginn.
- Weider Momenter, wou et sech ubitt fir d'Hänn ze wäschen:
... no enger Aktivitéit;
... virun an no der Paus.

⁷ Bei de Kanner am Precoce, déi vun zwou Persoune betreit ginn, sollt ëmmer een Erwuessene beim Hännwäschen dobäi sinn.

Spiller an Aktivitéite ronderëm d'Wäsche vun den Hänn

E ritualiséierten Oflaf beim Wäsche vun den Hänn kann hëllefen, d'Gewunnechten ze festegen; e flott Lidd, dat während dem Wäsche gesong gëtt, léisst d'Zäit méi séier vergoen.

- Dir kënnt mat de Kanner zesummen am Ufank vun all neier Schoulwoch de *Hännwäsch-Song* vun der Woch auswielen. D'Lidd *Happy Birthday*, zweemol hannertee gesong, enstprécht ongeféier där Dauer, déi et brauch, fir d'Hänn ze wäschen ([Mir wäschen d'Hänn](http://www.schouldoheim.lu) op dem Site www.schouldoheim.lu).
- Eng Sandauer kann eng flott Alternativ zu de Lidder sinn; d'Kanner kënnen zielen, wéi vill Mol si d'Hänn während enger bestëmmter Zeit reiwe kënnen asw.

3.4. De Gang op d'Toilette an d'Wäsche vun den Zänn

- D'Zuel vun de Kanner, déi mateneen op d'Toilette ginn, hänkt vun der Zuel vun den Toiletten of. Dir kënnt dës mat de Kanner zesummen zielen a festleeën, wéivill Kanner mateneen am Wäschraum kënne sinn (maximal ee Kand pro Toilette).
- Bei méi jonke Kanner, déi Hëllef an Ënnerstëtzung vum Erwuessene brauchen, ass et wichtig, Händsche prett ze hunn. Am *Precoce* begleet jeeweils en Erwuessenen ee Kand oder e puer Kanner op d'Toilette; an de Cyclen 1.1 an 1.2 kënnen d'Kanner dat gréisstendeels selwer maachen.
- Falls néideg, bréngen d'Kanner Kleeder fir ze changéieren (eng Box an Ënnerwäsch) a hirer Posch mat.
- D'Zännbiischen an d'Zänndeppercher ginn ewechgeraamt.

3.5. Houschten a sech schnäizen

Hei gëllt dat selwecht wéi beim Wäsche vun den Hänn; déi richteg Gestë beim Botze vun der Nues a beim Houschte sinn elementar wichtig an dëser Zäit, wou et gëllt, d'Ustiechungsgefor duerch de Coronavirus op e Minimum ze reduzéieren. Si wäerten awer och dono nach ëmmer hir Gültegkeet hunn, well si hëllefen, d'Verbredung vun anere Krankheeten, wéi z. B. d'Gripp oder eng Erkältung, ze bremsen. Dofir ass et och hei wichtig, datt d'Houschten an den Ielebou an d'Schnäize vun der Nues ëmmer rëm gewise ginn an d'Kanner ëmmer erëm gehollef kréien, fir et selwer ze maachen.

3.6. Den Ëmgang mam Mondschutz (Buff)

D'Effikassitéit vum Mondschutz bei jonke Kanner ass e vill diskutéiert Thema ënnert Gesondheetsexperte weltwäit. D'Direktioun vun der Santé réit vum Droe vum Mondschutz bei Kanner ënnert 6 Joer of an de Ministère alignéiert seng Demarche un dës Decisioun: D'Kanner aus dem éischte Cycle brauchen deemno kee Mondschutz unzedinn.

3.7. Wéi kann ech mech selwer virum Virus schützen?

Vill ass bis elo iwwert d'Kanner geschwat ginn. Dir frot Iech sécherlech och, wéi Dir Iech selwer am beschte virun enger Ustiechung duerch de Virus schützen kënnt. D'Direktioun vun der Santé huet an hirem Pabeier déi wichtegst Schutzmoossnamen opgelëscht. Doniewent besteet d'Méiglechkeet, eng Visière oder e Schiertech (fir den eemolege Gebrauch) beim Educatiounsministère ze bestellen, wann Dir dat wënscht. Dëst gëtt iwwert e Bestellformulaire gemaach. Sot hei am beschten dem President vun Ärem Schoulcomité Bescheid. Doniewent ass et v. a. am Ëmgank mat ganz jonke Kanner unzeroden, e Puer Kleeder matzebréngen, déi Dir no der Aarbecht kënnt undinn.⁸

⁸ Dës Recommendatioun entsprécht där, déi fir d'Personal vum Klengkandberäich gemaach gëtt.